Socourt an den Vogesen

Dëst Joer ass de Fly Fishing Club aus Lëtzebuerg eemol erëm eng Kéier op Socourt an d´ Vogese gefuer fir mat der Méck ze fëschen. Dëse Site wor virun enger Rei vu Joren nach fest an eisem Joresprogramm verankert éiert am Joër 2012 net méi konnt do gefëscht ginn ewell den Weier huet missen desinfizéiert gin an erréicht am Joer 2013 erëm opgemeet gin wor. Haut wor et dann also erëm esouwäit an 9 Kollegen haten sech op de Wee gemeet fir den Réservoir vu Socourt nei fir onsere Club ze entdecken. Ech hat am Virfeld vun eiser Sortie mam Jean – Louis Thomas,

de Garde vum Site, ausgemeet dass ech géif op der Plaz d´Souë vun de Memberen ophiewen an da wann se Alleguerten agetraff wären, géif de Permis maache goen. Socourt ass nämlech an deem Sënn ganz speziell, muss een dach hei an Duerf op d´Gemeng fuere wou een sech muss an eng Lëscht androen an d´Souë fir de Permis an eng Boite geheien. Dat gëtt och schonn ee kléngen Ableck an d´Philosophie vun dësem Site deen net drop ausgeriicht ass fir méiglechst vill Geld an d´Kees ze bréngen, mee wou nach Wäert drop geluecht gëtt dass d´Fëscher sech wuel fillen. Dat beweist och schonn de Präis vum Dagespermis dee 25 € kascht an domadder ass Socourt dee bëllegste Site an eiser Géigend wou ee ka mat der Méck fëschen. Dofir steet och op dëser Plaz ee Chalet bereet dee komplett equipéiert ass mat Kichen, Openthaltszëmmer an enger Toilette. Hei kann een sech gemittlech ënner Dach setze falls d´Wieder mol schlecht ass oder wann et kal dobaussen ass ewell een Uewe mat engem gemitlechen Holzfeier wor och fir eis ugefaange ginn esou dass et eis an deier Hinsicht och un Näischt gefeelt huet. Den Här Jean – Louis Thomas huet eis och gesot dass d´Gemeng Socourt op dëser Plaz geplangt hätt nach zousätzlech véier komplett equipéiert Chaleten op ze riichte wou d´Fëscher och kéinten d´Nuecht verbrénge wat fir eis als Club sécherlech ganz interessant ass en vue vun der laanger Urees an d´Vogesen.

Socourt läit just ob der Grenz tëschent den Departementer, les Voges a Meurthe - et – Moselle, an zielt awer schonn zu de Vogesen. Un sech ass d´Urees net vill méi wäit wei wann een op Sommedieue fiert, duerfir wor et ee bësse Schued dass vill Memberen déi an hiren Aaë wäit Urees gescheit hunn. Wei mir um Reservoir de Socourt ukomm si wor dat schéinste Wieder, hate mir et ënner Wee nach mat Niwwel ze dinn ass d´Sonn sech awer séier weise komm fir no engem kuerzen Intermezzo fir de Rescht vum Dag ze verschwannen. Wat nach direkt an d´A gestach ass woren déi vill, ganz vill Gobagen déi eis enger Säits direkt motivéiert hunn an och drop hin gedeit hunn dass de Weier gutt besat wor mat Fësch. Séier hunn mir eis Staangen opgeriicht an natierlech huet Jidderee bei deene ville Gobage mat der dréchener Méck ugefaangen an der Meenung dass dat misst déi richteg Taktik sinn, mee wäit gefeelt ewell d´Forellen zwar de ganzen Dag iwwer Uewerflächen aktiv bliwwe sinn, mee mir einfach net erausfonnt hunn wat se géife friessen och wann mir all méiglech Musteren, Gréissten a Faarwnuancë probéiert hunn sollt et eis net gelengen dat natierlecht Muster, et wore vill ganz kléng, gro Mécke ronderëm geflunn, ze imitéieren.

Ech fir mäin Deel hat mam Streamer ugefaangen a konnt esou vill Fësch fänken obschonn ee soe muss dass och dës Aart a Weis et verlaangt huet dass een all Variant huet missen asetze, vun dresche Schnouer iwwer Intermediaire bis op Sinkschnouer, obschonn een ni konnt soe wei eng Déift déi richteg wär an och wat d´Faarwen an d' Musteren ubelaangt wor kee Streamer dobäi dee bestänneg Erfolleg bruecht hätt. Schliisslech wor ech bei de Bobbyën ukomm an dat sollt dunn awer d´Méck vum Dag ginn déi vill Fësch abruecht huet.

Well déi meeschte Fëscher awer net esou richteg ukomm si mat fëschen ewell wei scho gesot net déi richteg Méck fonnt ginn ass, och wann de Carlo an den Eugéne alle Béid direkt d´Fësch vum Dag gefaangen haten, ech hunn mir soe gelooss hir Forelle wäre wäit iwwer 50 cm gewiescht, hunn mir dunn eis Mëttegpaus a vollen Zich genoss. Den Albert wor Haut de Grillmeeschter an huet seng Saach wierklech gutt gemeet. Et ass vun Allem ginn an et huet keen sech genéiert ee puer Mol zou ze gräifen. Et wor eng gemittlech Ronn an d´Stëmmung wor wonnerbar.

Och Mëttes ass et net mei einfach gi fir d'Fësch ze iwwelëschten, den Jim deen säi Belly Boat matbruecht hat huet dann och Mëttes dovunner profitéiert ewell de Reservoir vu Socourt ass och mam Belly Boat ze befësche wat net nëmmen eng flott Alternative ass mee et ginn dernieft och nach net vill Plaze wou Dëst méiglech ass. De Jim hat awer och mam Belly Boat net méi gefaangen och wann Hien zwou schéi Forellen op déi Manéier fänke konnt. Et wor och esou dass d'Fësch ganz virsiichteg gebass hunn wat mat sech bruet huet dass mir och deen een oder anere Fësch am Drill verluer hunn zemools wou Dës dach dax direkt aus dem Waasser gespronge si fir der Méck lass ze ginn.

Eet wor awer erëm eng gelonge Sortie a wei mir Owes agepaakt hunn wor de Garde nach eng Kéier laanscht komm fir nach ee bësse mat eis ze poteren. Hei si mir da gewuer ginn dass d´Gemeng och wëlles hätt deen zweete Weier hannert dem Chalet fir d´Méckefëschen op ze maachen, Hei soll awer dernieft och d´Méiglechkeet bestoe fir op den Zander ze fëschen, well dëse Weier bis zu 9 meter déif ass woren och Zander besat ginn. Dat héiert sech nawell no enger Beräicherung un ewell wou huet ee schonn d´Méiglechkeet fir mat der Méck op den Zander ze fëschen. Och huet Hien eis vun der Méiglechkeet verzielt an der Musel ze fëschen déi op 50 meter hannert dem Site verleeft a wou anscheinend schéin Äschen ze fänke wären. Mir souzen nach eng gutt Zäit zesumme fir de Fëscherdag ausklengen ze loossen a wei dat dann esou bei ons ass, hunn mir de Grill alt nach eng Kéier ugehäit fir och nach de leschte Wénkel ze fëllen. Esou ass eng flott Sortie zu Enn gaangen a mir hunn eis mat ville positiven Impressiounen erëm op den Heemwee gemeet.